

Ech verroden iech elo eng Nummer déi ass
nëmmen, fir wann eppes Schlëmmes
geschitt ass.

Wann's d'Angscht hues, an et ass keen
do deen der Hëllef kann, dann huel den
Telefon a ruff un op der Nummer

113

Dat ass de Noutruff vun der Police.
Do ass ëmmer een deen der Hëllef
kann, an dofir muss du him awer
och soen:

Wien

wien's du bass, also d'äi Numm
an d'äi Familljennumm

Wou

wou's de elo grad bass, wou's de wunns

Wat

wat geschitt ass, ob en Abrieher
do ass, oder wann's du an Nout bass.

1, 2, 3 lass, so mer wat et ass!



Et ka just rullen, an net goen,
an et muss bremsen, fir ze stoen.
Et kann net schwätzen, mee just tuten,
et waart schéi bei de roude Luten.

Et réckelt ni vu senger Plaz
't ass net ganz wäiss an net ganz
schwaarz net karéiert a net getëppelt
huet gär wann een drop trëppelt.

Op Rieder rullt d'äi klengen Hotel.
Du kriss eng extra Super-Fotell,
d'äi Fotell ass fir dech eleng,
well fir d'äi Grouss ass si ze kleng.

Kanner, wësst dir nach, wat dir mir versprach hutt?



Wien huet de grénge Männche geklaut?

Verkëierstheater
vun der Sécurité Routière
gespillt vun der Police



 **Cactus**

POLICE
LËTZEBUERG 

Léif Kanner,
Elteren an Enseignanten,

Léieren, wéi ee sech richteg am Stroosseverkéier
behëlt, ass e laange Prozess, dee schonn an der
Famill ufänkt an an der Schoul weidergeet.

An dësem Léierprozess kann de Verkéierstheater
deen d'Sécurité Routière organiséiert -
an dee vun der Police fir Kanner aus dem
Cycle1 gespillt gëtt, wichteg si, well:

- en d'Kanner stimuléieren an motivéiere kann,
sech ëmmer richteg am Stroosseverkéier ze
verhalen
- en dem klengen Foussgänger hëllef kann,
sech un déi wichtegst Verhalensregelen ze
erënneren
- et e gutt Mëttel ass, fir d'Kanner mat der
präventiver Roll vun der Police vertraut
ze maachen.

Op der Strooss ass op eis Verlooss

Jang Linster - Ab van Goor

Sidd der gutt drop? A passt der gutt op?
Sidd der all do?



da maacht mir dat hei mol no
'tass sou schéin wanns de wénks mat lénks mat
riets a kuck no lénks an no riets nees no
lénks 'tass sou flott wanns de mat mir séngs
Op der Strooss ass op eis Ver-looss well mir si gutt
drop a mir pas-sen ëm - mer op Op der
Strooss ass op eis Ver-looss well mir si gutt
drop a mir pas-sen op.

T'Lidd fannt Dir op: www.securite-routiere.lu - Téléchargements



Bei **ROUT** bleiwe mer stoen
a bei **GRENG** däerfe mer goen

da gëtt nimools e Kand
vum Auto iwwerrannt

a si mol keng Luten do stelle mir keng Fro da
passe mir nach besser op an da geet et séier
allez hopp



So, Joffer...?

Wat heescht dee roude Männchen?

Wouhi muss ee kucken wann een iwwer
d'Strooss wëllt goen?

Firwat huet d'Susi e Blinki u sénge Kleeder?

Maachen de Biff an den Huk alles richteg,
wa si iwwer d'Strooss ginn?

Wat muss ee maachen
wann d'Luut rout ass?

Wiem gehéiert d'Strooss?

Wat muss ee maachen wann
ee bei d'Elteren an den Auto klëmmt?

Wien hat dann elo de grénge
Männche geklaut?